N°4581
Entrée le 03.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4581 vum 5. August 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet « Prime informatique dans le secteur communal et la Fonction publique ».**

1. **Wéi ass den aktuelle Stand vun den Aarbechten oder Diskussiounen iwwert eng gesetzlech Basis fir eng Prime informatique am Gemengesecteur?**

Den Inneministère ass aktuell a Gespréicher matt de Sozialpartner aus dem Gemengesecteur betreffend verschidden Accessoires de Rémunération vum Gemengepersonal. Am Kader vun deenen Diskussioune kann d'Aféierung vun enger Prime à l'Informatique en Thema sinn.

2. **Ass d'Regierung der Meenung, datt Gemengen ënnert dem aktuelle gesetzleche Kader eng Prime informatique aféiere kënnen?**
   **Falls jo, op wéi enger legaler Basis?**
   **Falls nee, wéi begrënnt d'Regierung dëst?**

Den Artikel 22 vum ëmgeännerte Gesetz vum 24ten Dezember 1985 iwwer de Gemengebeamtestatut gesäit fir, dass d'Paie vun de Gemengebeamten iwwer Règlement grand-ducal fixéiert ginn. Dat betreffend ëmgeännerte Reglement vum 28te Juli 2017 gesäit verschidde Primme vir. Wëll de Gesetzgeber decidéiert huet, dass d'Remuneratioun vu Gemengebeamte per Règlement grand-ducal festgeluecht gëtt, hunn d'Gemengenautoritéite keng Kompetenz fir zousätzlech Primmen ze schafen.

3. **Wäert d'Regierung eng gesetzlech Basis fir eng Prime informatique am Gemengesecteur aféieren?**

Ech verweisen op d'Äntwert zu der Fro 1.

Lëtzebuerg, den 3. September 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN